octobre 2019

# AALTheMA 60

BULLETIN D’INFORMATION DU COMITÉ DE L’ASSOCIATION DES ANCIEN(NE)S ET AMI(E)S DU LTMA a.s.b.l.

## School of Style 2019




cf. page 5

## Another Pic On The Wall

# Réunion du Comité du 19 septembre 2019

- ***2e Don de l'AALTMA au LTMA***
  *Au cours de la réunion plénière du 17 septembre 2019, le président de l'AALTMA a remis pour la 2e fois officiellement un don de 2.000 euros aux responsables du lycée.*
  *(cf.* Interna 2 *pour le discours tenu à cette occasion)*
- ***Visite du « Zeitungsmuseum »***
  *Un rappel pour s'inscrire à la Visite du Zeitungsmusum à Wadgassen a été envoyé aux membres de l'asbl.*
- ***Retrouvailles des Anciens du Comité***
  *L'invitation pour les retrouvailles des anciens membres du comité de l'AALTMA asbl a été envoyée aux personnes concernées. La rencontre aura lieu le 15 novembre 2019 au Restaurant Da Leoni à Niedercorn.*
- ***Retrouvailles des Anciens des années 80 et des années 60/70***
  *Au cours des vacances scolaires ces activités ont stagné. Nous allons essayer après la rentrée scolaire d'apporter une bouffée d'air frais dans les voiles de ces activités.*
- ***Démission de Myriam Duschinger***
  *Le 9 septembre 2019, Myriam Duschinger a donné sa démission parce qu'à cause d'un manque de temps elle ne peut plus participer au travail du comité.*
- ***Inscription de l'asbl au RBE***
  *Comme toute asbl, l'AALTMA a dû s'inscrire au Registre des Bénéficiaires Effectifs. Notre trésorier s'est occupé de cette tâche.*
- ***Changement du nom et du logo du lycée***
  *Vu les réformes ministérielles, l'appellation « technique » des lycées est en somme devenue obsolète. Juste avant notre réunion nous avons appris qu'à cette fin, la direction du LTMA fera la demande de changer le nom du lycée en « Lycée Mathias Adam ». Le futur sigle serait par conséquent « LMA ». Et il y aurait un nouveau logo qui pourrait ressembler à ceci :*

  LYCÉE MATHIAS ADAM

  *Il faudra évidemment attendre l'accord de la rue Aldringen…*

**La prochaine réunion du comité aura lieu Mercredi, le 23 octobre 2019**

# Membres 2019 de l'AAltma a.s.b.l.

## Nouveaux membres au 1.10.2019

*les noms des membres 1-176 se trouvent dans le(s) numéro(s) précédent(s)*

177. ALVES TEXEIRA Antonio
178. GRANDJEAN Céline
179. HENDEL Christine
180. KENIS MIET
181. KURBEL Sandrine
182. LEBON Anne-Marie
183. MARIN Pascal
184. MARTINS DIAS André
185. WARINGO Michel






# (Re)Remise d’un chèque de 2.000€ au LTMA


photo : Jérome Peiffer

***Au cours de la réunion plénière du 17 septembre 2019, le président de l’AALTMA asbl a remis un chèque de 2000€ au directeur du lycée. Voici son discours :***

Hallo schaffend Vollek,

Haut ass et fir d’zweet, dass d’*AALTMA asbl* (d’*Association des Ancien(ne)s et Ami(e)s du LTMA*) der Schoul en Don vun 2.000 € mécht.

Ech sinn och frou iech matdeelen ze kënnen, dass de Betrag vum leschten Don komplett opgebraucht ginn ass …. Sou goufen fir den Stage de glisse 750€ investéiert, 500€ goufen fir d’Oeztal-Aktivitéiten bäigesteiert an 750€ fir Lëltz.

An onsen Statuten ass virgesinn, all méiglech Aktivitéiten hei an der Schoul ze ënnerstëtzen: sief et duerch perséinlechen Asaz, duerch Reklamm oder eben finanziell Hëllef.

Op Facebook huet d’AALTMA-Säit momentan eng 2.200 Memberen. Mee onsen wichtegsten Pilier sinn natierlech d’Memberen vun der AALTMA asbl, déi ons duerch hier alljäerlech Kotisatioun vun 20€ erlaben, esou eng finanziell Hëllef unzebidden. Dat sinn dëst Joer 176 Memberen, ëmmerhin 26 méi wéi dat Joer virdrun! An dofir kënne mer och dëst Schouljoer nees dem LTMA en Don vun 2.000€ maachen.

Mir sinn och weiderhin flexibel doranner, wat genee mat deene Suen geschéie soll: Bedingung ass a bleift just, dass se agesat ginn, fir Schüler, Proffen an Aktivitéiten aus dësem Lycée ze ënnerstëtzen.

Mir wieren frou, wann dëst Joer de *Comité de la Conférence du Lycée* der Direktioun hëllefe kéint, fir no Geleeënheeten an Aktivitéiten ze sichen, déi eng kleng finanziell Ënnerstëtzung brauchen. D’Conny huet mer schonns verséchert, dass dat guer kee Problem fir si ass. Och de SEPAS (deen am CCL vertrueden ass) däerf op en Deel vun deenen 2.000€ zréckgräifen, wann domadder erméiglecht gëtt, dass finanziell mannerbemëttelt Schüler un Aktivitéiten deelhuelen kënnen.

Hei am Sall sëtzen jo am Moment all déi richteg Leit, déi wëssen, wou een déi Suen sënnvoll asetzen kéint. Zéckt also net, der Direktioun oder de Vertrieder vum CCL är Iddien an Virschléi ze ënnerbreeden...

Mir hoffen, dass mer dësen Don och an Zukunft widderhuelen kënnen. De Montant hänkt natierlech ëmmer staark dovunner of, wéi vill Memberen ons Asbl an Zukunft wäert hunn.

Erlaabt mer dofir an dësem Kontext ze widderhuelen, dass ons Associatioun net nëmmen « *Anciens du LTMA*» heescht, mee « *Anciens et Amis du LTMA* ». An och wann dir villäicht nach keng reegelrecht « Ancienë » sidd, mee awer fannt, dass dir « Amiën » vun ärem Lycée oder vun den Ancienë vum LTMA si kéint, a si ënnerstëtze wëllt, däerft der dat natierlech och gären maachen duerch d’Iwwerweise vun enger Cotisatioun vun 20€. D’Sandra Martinho, dat Sekretärin vun onsem Komitee ass, gëtt iech gären all néideg Informatiounen iwwert d’Bankverbindungen oder d’Méiglechkeet mat DigiCash ze kotiséieren …

An schlussendlech denkt drun, dass déi Suen, déi der an ons Associatioun investéiert, jo zu engem beträchtlechen Deel nees zréck an den LTMA fléissen … a vläicht gëtt grad är Aktivitéit mat deene Suen ënnerstëtzt…

Ech soen iech Merci fir är Opmierksamkeet … a wënschen iech nees eng Kéier e schéint a befriddegend Schouljoer mat lauter braven, fläissegen a manéierlechen Schüler …. an Elteren…



# Waat wor/ass am neien LTMA lass ?

## School of Style - Graffiti Jam (14. - 15. Juli 2019)

Depuis 2014, le LTMA organise chaque année le « Graffiti Jam » : à cette occasion, des artistes d'art urbain de renommée internationale viennent décorer les murs du tunnel qui mène à la cour du lycée. Voici quelques impressions de l'édition 2019…























euroline






STICK
STANE AZEK
NASK MARC



# Photos de classes du passé



**8TE5 (2001)**



**10e et 11ePS à Foehr (1999)**

# Les beaux souvenirs ne meurent jamais ! (1)

## Schouldisco vum 13. Juli 1994






















ALL DËS FOTOEN, A VILL AANERER,

FANNT DER OCH OP ONSEM INTERNETSITE

https://aaltma.wildapricot.org/Nostalgie-New

**… AN DER NÄCHSTER NUMMER GINN ET E PUER FOTOEN**
**VUN DE VIRBEREEDUNG VUM SCHOULFEST VUM 13. JULI 1994**

## Les beaux souvenirs ne meurent jamais ! (2)

## Remise des prix du ...



… concours *« Le Bassin de la Chiers* - *notre région* » du *Centre Culturel de Differdange*
qui fut réservé aux élèves du LTMA de Pétange et de Differdange (11 juillet 1985)

© Brochure « 50 ans - Centre Culturel de Differdange » (Galerie N°1bis/2018)

# Für ein besseres Schulklima !

***Mit dem Schulunterricht assoziieren die meisten Schüler mehr Verdruss als Freude, auch viele Lehrer verbinden damit nichts Positives. Fari Khabirpour, früherer Direktor des Centre Psychologique et d'Orientation Scolaire (CPOS), fordert ein radikales Umdenken bei Eltern, Erziehern und Lehrern. Ein Kommentar zum Bildungssystem.***




**Ich freue mich auf die Schule…**

so oder ähnliche Äußerungen möchten Eltern gerne hören, wenn nach einer längeren Ferienzeit die öffentlichen Schulen in unserem Lande ihre Türen wieder öffnen und Tausende von Schülern in ihren Einrichtungen willkommen heißen. Doch stattdessen begegnen uns bei vielen Jugendlichen vergrämte Mienen, bedrückte Gesichter, sogar Widerstand und mangelnde Freude auf Schule.

Auf unsere Fragen, worüber sie sich vielleicht doch freuen könnten, wenn sie an Schule denken, erhalten wir bei manchen Jugendlichen positive Antworten nur bezüglich ihres baldigen Wiedersehens mit Freunden und Klassenkameraden, die sie schon länger vermisst haben.

Wenn wir diese Frage an Lehrer richten, erhalten wir oft auch wenig erfreuliche Reaktionen. Bei vielen überwiegt vor allem eine gewisse Angst vor dem bevorstehenden Umgang mit schwierigen und lerngestörten – oder sagen wir: unwilligen Schülern, denen sie jetzt täglich ausgesetzt seien. Aber auch Angst vor dem Streit mit unnachsichtigen, kritischen Eltern, die ihre eigenen Kinder dauernd in Schutz nehmen und ihnen kein Verständnis für die schwierige Rolle, die sie täglich auszuüben haben, entgegenbringen. Ebenso Angst vor der aussichtslosen Umsetzung eines Curriculums, das dem Wissensstand der Schüler nicht angepasst sei und vor dem Gefühl, dass sie schlussendlich bei all diesen Problemen alleine gelassen werden und wenig Unterstützung seitens von Kollegen oder des Ministeriums erhalten.

So wird Freude, die die wichtigste Grundvoraussetzung zum LERNEN darstellt, überschattet von Ärger, Angst, Misstrauen und Erfolgsdruck. Das alles erschwert vor allem eine positive Begegnung zwischen Schülern und Lehrern.

Wieso kam es nun so weit, dass öffentliche Schulen, die zu den wichtigsten Einrichtungen unseres Landes zählen, wo aktives und interaktives LERNEN erfolgen soll, noch nicht die notwendigen Voraussetzungen dafür hervorgerufen haben, um Kindern und Jugendlichen helfend beizustehen damit reibungsloses Lernen möglich ist und der angeborene Wissensdurst eines jeden befriedigt wird?

Auch sollten doch Lehrer immer bemüht sein, die mannigfaltigen Fähigkeiten ihrer Schüler kennenzulernen, zu fördern und sie zu ermutigen, zum ständigen Aufbau einer besseren Welt beizutragen. Mir scheint, dass einer der wichtigsten Grundvorrausetzungen zum Gelingen dieses Zieles mit einem radikalen Umdenken einhergeht, das bei Eltern, Lehrern und allen Erziehern erfolgen muss.

In diesem Zusammenhang scheint mir entscheidend zu sein, dass wir unser Menschenbild grundlegend ändern und folglich jeden Menschen als ein Bergwerk betrachten, reich an Edelsteinen von unschätzbarem Wert. Darüber hinaus sollten wir auch erkennen, dass die meisten Menschen offensichtlich schon in ihren frühen Jugendjahren einen gewissen Altruismus und Gemeinschaftssinn zeigen und demnach ein starkes Verlangen nach Zugehörigkeit in sich verspüren. Wird nun dieses soziale Grundbedürfnis eines jeden Schülers während seiner Schulzeit genügend befriedigt, wird dadurch ein gesundes und sicheres Schulklima geschaffen,

Grundvoraussetzung für jede erfolgsversprechende schulische Laufbahn.

Ein solches Klima kann nur durch positives Denken erreicht werden und verlangt von uns allen, dass wir unsere auf Fehlern und Unzulänglichkeiten fokussierte subjektive Wahrnehmung der Realität durch eine positivere ersetzen. Nur so werden und können sich allmählich neue Programme entwickeln, die der holistischen Wirklichkeit der Schüler besser entsprechen und dazu dienen, neben der Förderung ihrer intellektuellen und manuellen Fähigkeiten, auch ihrer spirituellen, sozialen und künstlerischen Qualitäten gebührend Achtung zu schenken.

Ein solches Programm hilft Jugendlichen dabei, eine starke moralische Identität zu entwickeln und befähigt sie, zum Wohl ihrer Gemeinschaften und der Welt insgesamt beizutragen. Das Programm wird dann voraussichtlich eine partizipative Lernmethode vorziehen, wobei Lehrer die Rolle eines Moderators einnehmen und alle Teilnehmer voneinander lernen. Gruppen von Teilnehmern beteiligen sich dann an Aktivitäten wie künstlerischem Ausdruck, Diskussion, Theater, kooperativen Spielen, Literaturstudium, Geschichtenerzählen und gemeinnützigen Aktivitäten.

Als ich noch vor kurzem ein paar 11- bis 15-jährige Jugendliche bat, mir ihre Vorstellungen von einer Schule mitzuteilen, worüber sie sich freuen könnten, erhielt ich spontan folgende Antworten:

*„Lehrer sollen Freude ausstrahlen, denn Freude schafft eine angenehme Atmosphäre in der Klasse, wo lernen Spaß macht…“*

*„Mit Lehrern sollte es einfach sein zu kommunizieren…“*

*„Ein Lehrer, der leidenschaftlich und mit Begeisterung sein Fach unterrichtet, fördert meine Lernfähigkeit am besten…“*


*„Respekt beruht auf Gegenseitigkeit. Nur Lehrer, die mich respektieren, verdienen meinen Respekt...“*

*„Lehrer sollen ermutigend wirken, indem sie auf die Stärken der Schüler blicken und nicht ihre Schwächen tadeln...“*

*„Sollte ein Lehrer von mir Disziplin und Ordnung verlangen, dann erwarte ich von ihm, dass er diese wichtigen Werte in seinem Unterricht durchsetzt“…*

*„Ein guter Lehrer ist jemand, der auch von seinen Schülern lernt und sich darüber freut und sie nicht als unwissend, dumm oder faul behandelt…“* und …

**so freue ich mich jeden Tag aufs Neue zur Schule zu gehen!“**



**FARI KHABIRPOUR** (*)
(REVUE, 25. SEPTEMBER 2019)

(*) in den 1990er war Fari Khabirpour Leiter des SPOS im LTMA Petingen



# Manner Summervakanz fir Schüler




***D'Schoul misst moies bësse méi spéit ufänken an déi 9 Woche Summervakanz misste méi op d'Joer verdeelt ginn, mengt de François Aulner.***

3 gutt Grënn fir wëlle "Prof'" ze ginn: Juli, August, September. 9 Woche Vakanz am Summer géint 7 Wochen opgedeelt op Allerhellegen, Chrëscht-, Fues-, Ouschter- a Päischtvakanz. Dat entspréch 80 Congésdeeg ouni d'Feierdeeg oder méi wéi 3 Mol de legale Minimum.
Klengt no vill, mä ass duerchaus richteg. Et ass falsch ze mengen, Proffen a Schüler hätten ze vill fräi. Déi, déi dat mengen, stoungen ni virun enger Klass. Ofgesinn dovunner, datt d'Tâchë vun den Enseignanten net méi einfach gi sinn. Genee wéi d'Verständnis vun enger ëmmer méi séierer a komplizéierter Welt.
Ëmmer erëm héiert ee Proffe soen, se wiere méi domadder beschäftegt d'Schüler iwwerhaapt Mol z'erzéien, wéi z'edukéieren. Gläichzäiteg ginn d'Mënschen ëmmer méi a Konkurrenz zu enee gesat. D'Fro, wéi a wat an der Schoul geléiert gëtt oder net geléiert gëtt, spillt eng kruzial Roll bei der Organisatioun vun de Rythmes scolaires, mä wat ee sécher scho ka soen: maacht net nach méi Drock!

### Net kierzen, mä anescht opdeelen

Vakanz ass geduecht, fir sech z'erhuelen an dofir muss ee kënnen ofschalten. Ma genee bei deem Wuert ass d'Kruxx: Bëssen Ofschalten ass gutt. Ganz ofschalten, dat féiert zu Problemer. Jo vill Eltere maachen am Summer Aufgabe mat hire Kanner a vill Jonker maache Stagen. Mä leider net jiddereen. D'Perte d'apprentissage ass eng Realitéit, virun allem bei deene Schüler, déi aus defavoriséierte Milieue kommen, weise sämtlech Etüden an den USA a Kanada. Op der aner Säit geet eng Woch Vakanz fir Fuesent, Päischten oder Allerhellege kaum duer, fir ofzeschalten oder fir Enseignanten, déi hir Course musse preparéieren an aneren Tâchen nozekommen.
Studie weisen och, datt Kanner a Jugendlecher am Wanter manner fit si wéi am Summer. D'Dauer vun der aktueller Summervakanz geet deels op déi Zäit zeréck, wou d'Kanner hu missen op de Recolten hëllefen. Haut ass dat net méi néideg. Méi Vakanz am Wanter mécht méi Sënn.
Wat och méi Sënn mécht, ass d'Schoul bësse mi spéit unzefänken. Nee net just wéinst dem Stau an der Ekonomie, och well d'Gehir sou besser fonctionnéiert. Éischt Resultater vun der US-Stad Seattle, wou déi allermeescht Schoulen a Lycéeën um Véierel vir oder 5 vir 9 ufänken, si positiv.
Dowéinst, fänkt och hei zu Lëtzebuerg d'Schoul kuerz virun 9 un. An hänkt 3 Woche vun der Summervakanz un d'Allerhellegen, Fues- a Päischtvakanzen drun. Ech proposéieren e Moratoire fir een oder zwee Joer. No zwee Joer loosse mer et erëm sinn, wa sech erausstellt, datt et net gutt war. Mä dat wäert sécher net de Fall sinn.



**FRANÇOIS AULNER**
(RTL.LU, 10.9.2019)
https://www.rtl.lu/meenung/commentaire/a/1401050.html

Audio :
https://replayaudio.rtl.lu/2019/09/09/d4a2b8714173a4fedf4c8d482d5164ad.mp3


# C'est le premier pas qui coûte



Finies les vacances ! Les choses sérieuses (re)-commencent ! Et à moins de ne pas être doué, c'est parti pour durer. 57 217 écoliers et 48 091 lycéens ont fait leur rentrée scolaire au Luxembourg. Des chiffres qui, comme la population du pays, augmentent graduellement d'année en année. Si certains vivent mal la séparation d'avec leurs parents et le retour des devoirs ou de la correction de ces derniers, qu'ils se rassurent, il y a bien pire que d'aller à l'école.
Déjà, c'est un luxe dont beaucoup de petites filles et de petits garçons à travers le monde aimeraient pouvoir profiter, et puis, selon un récent rapport sur l'éducation de l'Organisation de coopération et de développement économiques (OCDE), «Regards sur l'éducation 2019», les élèves et les enseignants luxembourgeois sont loin d'être à plaindre. Mieux, le Grand-Duché est premier de sa classe !
Le pays présente les dépenses en faveur de l'éducation les plus hautes des pays de l'organisation, malgré la proportion la plus faible du PIB (3 %) à y être consacrée. Le ratio entre élèves et enseignants est également le plus bas : neuf pour un. Un chiffre qui s'explique par la présence de plusieurs enseignants dans les classes pour élèves à besoins spécifiques.
Enfin, quel instituteur ou professeur rechignerait à se lever le matin pour préparer des petits «monstres» à aborder l'avenir dans les meilleures dispositions possibles avec une rémunération annuelle trois fois supérieure à celle de ses homologues français? Selon le rapport de l'OCDE, un enseignant du secondaire commencerait sa carrière avec un salaire annuel équivalent à celui d'un professeur en fin de carrière dans d'autres pays.
Élèves et enseignants ont de la chance de faire partie d'un tel système scolaire qui met en place les moyens nécessaires pour ne laisser personne sur le bord du chemin dans un esprit d'inclusion et d'égalité des chances. «C'est le premier pas qui coûte», nous a toujours dit mon papa la veille de chaque rentrée.

**SOPHIE KIEFFER ***
ÉDITORIAL
*LE QUOTIDIEN*, 17.9.2019

** ancienne élève du LTMA*





**Tolle Titel !!!!**

# Knolles Fest

(Lux.Wort, 2.9.2019, über das *Gromperefest* in Binsfeld)

# Moi, Moi, Moix

(Tageblatt, 3.9.2019, à propos de l'auteur controversé Yann Moix)

# Les coups et les couples

(Lux.Wort, 3.9.2019, à propos du « *Grenelle contre les violences conjugales* » à Paris)

# L'eau vive a des bleus

(Le Quotidien, 5.9.2019, à propos des problèmes causés par les algues bleues)

# BELFAST AND FURIOUS

(Le Quotidien, 5.9.2019, à propos d'un match des *Roud Léiwen* contre l'Irlande du Nord à Belfast)

# BORIS JOHNSON FILE À L'ANGLAISE

(Le Quotidien, 17.9.2019, à propos de Boris Johnson chahuté et esquivant la conférence de presse officielle)

# L'histoire avec une grande hache

(Tageblatt, 21.9.2019, à propos du roman historique « *Leonardo* » de Jean Portante)

# Einfach „wau"

(Tageblatt, 24.9.2019, über den „*Escher Hondsveräin*", den ältesten Hundeklub des Landes)







**« Drôles de titres », collectés depuis 2002**



# Selfie with me & myself (Part 3)

Der Digitalkünstler ***Ard Gelinck*** stellt auf Instagram Fotos berühmter Künstler vor. Das Besondere: Auf dem Foto ist zweimal derselbe Star: einmal jung, einmal älter …





https://www.instagram.com/ardgelinck/?utm_source=ig_embed




# Alte Kunst mit moderner Popkultur (Teil 9)

Was haben Rembrandt van Rijn, Kim Kardashian und Frida Kahlo gemeinsam? Sie sind Teil des Instagram-Accounts des Künstlers ***Hayati'nin Evreni***. Unter *hayatininevreni* postet der auf Zypern lebende Künstler kleine lustige Collagen, in denen er alte weltberühmte Kunstwerke mit dem 2018er Lifestyle und moderner Popkultur verbindet.





















https://www.instagram.com/hayatininevreni/?utm_source=ig_embed



# Montages qui choquent (Partie 10)

Sur son compte Instagram, le Turc ***Uğur*** alias ***Ugur-gallen*** dévoile des montages photos chocs qui font réfléchir sur les contrastes révoltants de notre monde. Difficile de ne pas voir la vérité en face.
















https://www.facebook.com/726821645/posts/10156208907286646?s=100000646374463&sfns=mo

# Pub ... pour Jemp Hoscheit (1)

## *Wootleche Krich*: Sensibel a villschichteg



***Eent muss een dem Jhemp Hoscheit loossen - hie ka wonnerbar Geschichten erzielen. "Wootleche Krich" ass awer net just eng spannend Geschicht, mee e Roman, deen op ganz vill Niveauen iwwerzeegt.***

> *"Et ass d'Zäit vum Kale Krich an e wootleche Krich war doheem ausgebrach. D'Waasser kacht an et brauch net vill, da leeft d'Kasseroll iwwer an den Hausfridde geréit komplett op d'Kopp."*

No "Perl oder Pica" an "Aacht Deeg an der Woch" geet de Jhemp Hoscheit nach emol an d'60er Joren an op Esch-Uelzecht zeréck.

Mir begéinen hei dem Max a senger Schwëster Alice. Hir Eltere hu sech getrennt, d'Meedche wunnt mat der Mamm bei der Boma, de Bouf ass bei sengem Papp.

**Kale Krich, Tabuen a Geheimnisser**

D'Alice erzielt sengem Brudder, hatt wier am Lavalspark vun engem frieme Mann ugepaakt ginn an de Jong decidéiert, dëse Mann ze fannen. Hie grënnt eng Clique, verréit senge Kolleegen awer net, wat d'Ursaach ass. De Max erzielt vun de béise Rouden, déi d'Land wëlle regéieren a kritt seng Band dovun iwwerzeegt a geheimer Missioun nom onbekannte roude Jojo ze sichen, en Numm, deen de Max aus engem Lidd, dat hie begeeschtert, geklaut huet ... dem Henri Salvador sengem "Zorro est arrivé".

An et sinn u sech dës dräi Themen, aus deenen dëse Roman gestréckt ass: de Kale Krich, Tabuen a Geheimnisser.

Mat ganz vill Geschéck geléngt et dem Jhemp Hoscheit unhand vun dëser Ufanksstory e Gesellschaftsbild vun Esch an de Mëtt 60er Joren ze zeechnen.

Dem Max säi Papp schafft beim Geheimdéngscht an de Bopa verréit dem Bouf eng ganz Rei Geheimnisser, déi dem Jong Fantasie fatzeg befligelen. Geheimnisser hunn awer och aner Mënschen, an et ass eng Zäit, an där een iwwer sou Munches net schwätze kann, net schwätze wëllt ...

Sexualitéit ass esou en Tabu-Thema, a wann et ëm Mëssbrauch geet, da gëtt et nach méi schwiereg.

**"Eng Epicerie ass wéi e Beichtstull ..."**

De Jhemp Hoscheit brécht net dësen Tabu, hie weist, wéi komplizéiert dëse Sujet virun allem an dëser Zäit war. Enger Zäit, wou d'Kierch déi wichtegst Moralinstanz war, a wa grad do Kanner mëssbraucht ginn, dann ass et ëm sou méi schwéier domat ëmzegoen.

Domat ëmzegoen heescht, och mat den eegene Kanner doriwwer schwätzen, mee wéi schwätzt ee mat hinnen doriwwer, wann een am Virfeld alles, wat mat der Sexualitéit ze dinn huet, virun hinne verstoppt huet

> *"Eng Epicerie ass wéi e Beichtstull ..."*

D'Epicerie vun der Madamm Zimmer ass eng weider Plaz, wou vill Geheimnisser doheem sinn, et ass den Dréipunkt vu Gerüchter, vu Beschass, awer och vu Vertrauen a sech wuelfillen...

> *"D'Famill ass de Mëttelpunkt, a wat de Kanner doheem indirekt vermëttelt gëtt, dat huet och Auswierkung op déi gesellschaftlech Bezéiungen."*

### D'Lecture vun dësem Buch ass e Genoss

Kierch, Schoul, Politik an natierlech d'Famill ... alles ass wootlech an et soll esou bleiwen, net waarm, net kal, net kloer ... e bëssen dréif, alles ongewëss ... et ass eng Angscht do, ënnerschwelleg, virun de Russen, virun der Gewerkschaft, virum Gott. Kloer ass awer dem Jhemp Hoscheit seng Sprooch, mat där et him wonnerbar geléngt, d'Stëmmung an d'Atmosphär vun dëser Ära eriwwerzebréngen. Dann de Wiessel vun de Perspektiven. Mol ass et d'Vue vun de Kanner, dann déi vun den Erwuessenen op d'Politik, op déi eenzel Figuren, op d'Mënschen. An dës Perspektive sinn absolut kohärent, iwwerzeegend an iwwerraschend.

Wootleche Krich ass e Roman, deen ee mat vill Loscht liest, well en immens räich ass un Informatiounen iwwer d'60er Joren zu Lëtzebuerg. Vill Nimm a Plazen, deenen ee begéint, sinn engem e Begrëff.

Mee et ass dem Hoscheit seng Sensibilitéit a säi literaresche Savoir-faire, déi aus dëser Lecture e Genoss maachen, op deen een net verzichte soll.



**VALERIJA BERDI**
(RADIO 100,7 - 12.9.2019)

https://www.100komma7.lu/article/kultur/jhemp-hoscheit-wootleche-krich


Mediathéik :


https://www.100komma7.lu/podcast/267786




# Pub ... pour Jean Portante (2)

## *Leonardo*, ee komplexe Roman



***"Leonardo" ass den Titel vum neie Roman vum Jean Portante, deen bei Editions Phi eraus kënnt. No "L'architecture des temps instables" ass "Leonardo" den 2. Deel vun enger Trilogie. Och hei steet déi italienesch Emigratioun am Mëttelpunkt. D'Valerija Berdi huet des Familjesaga am Virfeld gelies a mam Jean Portante iwwert dëse komplexe Roman geschwat.***

*"Vun Ufank un hat ech d'Iddi e Roman am Roman ze hunn. Da si mir erëm beim Wal fir eng Long an d'Buch eran ze kréien an d'Long ass dës Kéier einfach en anere Roman, deen ech schonn ugedeit hat an all menge Romaner virdrun: "I promessi sposi" (les Fiancés) vum Alessandro Manzoni, deen dës Kéier an deem heite Buch praktesch eng Variant fënnt, nämlech an deem Rapport tëscht Lorenzo a Lucia, dat heescht déi éischt Generatioun, ee vun den Zwillingsbridder, deen an d'USA geet."*

An deen aneren, den Antonio, geet op Hussigny an dann op Déifferdeng.

### D'Sich ass een Haaptthema

De Roman Leonardo vum Jean Portante fänkt am Joer 1912 an Italien un, an d'Zwillingsbridder, den Antonio an de Lorenzo Tramagni si béid an eng Fra verléift: d'Lucia, déi awer Italien mat hiren Eltere Richtung Amerika verléisst. Et ass dann de Lorenzo, deen och embarquéiert, mam eenzegen Zil - d'Lucia ze fannen.

De Jean Portante erzielt d'Liewe vun den zwee Bridder, hier Sich no enger Plaz an den neie

Welten, no enger Aarbecht an d'Geschicht vun hiren Nokommen. D'Sich vum Lorenzo nom Lucia huet awer eng zentral Plaz, net just emotional, mee och literaresch.

De Lorenzo begéint op der Sich nom Lucia och aner Fraen, déi him gefalen, mee et ergëtt sech awer ni eppes. Duerch déi zimlech luguber Atmosphär vun Aarmut, Verluersinn a Verzweiwlung bléist awer e Voile aus Seductioun, Liewegkeet a Liewensloscht.

*"An dat ass am Kontrast zu Manzoni sengem "I promessi sposi". Dat ass eng reng Libesgeschicht. Déi zwee gi getrennt an dat eenzeg, wat de Renzo am Kapp huet ass d'Lucia erëm ze fannen. D'Lucia manner, well si geet an e Klouschter, well si net wëll bei engem anere sinn. Ech hu fonnt, datt esou vill Joer oder Joerzéngte méi spéit, datt een do déi ganz Affär vun der Léift, datt een déi méi a Gefor setze kann. An dofir dauchen da Fraen op, ronderëm de Lorenzo, eng no der anerer, déi awer all an enger Situatioun sinn, wou si net prett sinn, an hien och net, well hie jo op der Sich vum Lucia ass. Et ass kee Spillchen, mee et ergëtt sech eng gewëssen Déift vu Gefiller, déi awer nobel bleift, doduerch, datt se sech net realiséiert. "*

### Zweete Weltkrich: Och de Leonardo ass betraff

Den Éischte Weltkrich huet eng Plaz an dësem Joerhonnertroman vum Jean Portante. Mee et ass den Zweete Weltkrich, dee vill Raum anhëlt. Et sinn déi italienesch Immigranten, déi vum Hitler an Italien zréck geschéckt gi sinn, fir do fir den Mussolini an de Krich ze goen. Dat wieren och Zwangsrekrutéierter , déi awer ze Lëtzebuerg net als solch ugesi ginn, erkläert de Jean Portante. Ee vun deenen ass dann de Leonardo.

*"Dat huet mer erlaabt un dat unzeknäppen, un dat, wat ech ëmmer a menge Romaner soen, an da gëtt dat autobiographesch, wou ech hierkommen, wou meng Mamm hierkënnt, obschonn déi Personnagen ëmmer en aneren Numm hunn, ass dat ëmmer déi selwecht Geschicht. D'Tatsaach ass awer, datt deen agezu gëtt an doduerch dann déi ganz Feldzich matmécht vun El Alamein un bis a Sizilien. Op der anerer Säit hu mir och en Nokommen, an dee mécht dat Selwecht. Deen ass Amerikaner ginn an der Tëschenzäit, an d'Amerikaner sinn op Sizilien gelant a kommen och an Italien. An dat huet mir erlaabt am Fong geholl e ganze Koup Saachen nosichen ze goen, do gëtt et vill Dokumentatioun, sou datt do erëm alles richteg ass, ech hunn déck Zeenen erausgeholl zum Beispill et ass de Patton, deen op Sizilien lant, ech wollt de Patton mat eran huelen, well fir Lëtzebuerg de Patton wichteg ass, an do hunn ech mir gesot, dat gëtt dann eng Didascalie, déi ee vläicht net brauch, dann hunn ech dat erëm erausgeholl, dann erëm dra gesat, erausgeholl... an zum Schluss ass et dann net méi dran.."*

### E komplexe Roman, deen een net verpasse soll

Leonardo ass en immens komplexe Roman, deen een un dem Gabriel Garcia Marquez säin "100 ans de solitude" denke léisst. An et ass absolut net vun Nodeel, wann een dem Alessandro Manzoni seng "Les Fiancés" gelies huet, fir déi vill Uspillungen an Exkurse besser situéieren ze kënnen.

Wat een awer definitiv net verpasse soll, ass den éischten Deel vun dëser Trilogie,"L'architecture des temps instables" ze liesen.

*"Ech hunn ee vun den Narrateuren erëm geholl, deen an der Architecture des temps instables war, deen do bekannt ass, Schrëftsteller ze sinn, an deen an dem heite Buch dee gëtt, deen d'Architecture des temps instables geschriwwen huet, dee kënnt awer nëmmen, par la bande an d'Geschicht eran, e bësse billiardsméisseg well ee vun de Nokomme vun den Tramagni, vun der Lëtzebuerger Säit, well wëssen, wat a sengem Passé lass war. "*

Och wann dëse Roman vun de Protagonisten hier reng Fiktioun ass, sou stécht eng immens Recherche dohanner an et ass eng Fiktioun, déi net just d'Geschicht vum Jean Portante senge Virfaren, mee vu villen italieneschen Immigranten erzielt.



**Valerija Berdi**
(Radio 100,7 - 18.9.2019)

https://www.100komma7.lu/article/kultur/ee-komplexe-roman

Mediathéik :

https://www.100komma7.lu/podcast/268183


ET LÀ, UN MAGNIFIQUE TABLEAU DE...
MAIS ?!
HÉ, LES JEUNES ! REGARDEZ-MOI CE PORTRAIT RÉALISÉ PAR LE GRAND...
GRMBLML
ALORS, CETTE SORTIE AU MUSÉE ?
UNE VRAIE BÉRÉZINA NAPOLÉONIENNE !
LES LYCÉENS NE S'INTÉRESSENT PLUS À RIEN ! INCAPABLES DE REGARDER UN TABLEAU NE SERAIT-CE QUE 3 SECONDES.
ILS S'EN FICHENT !
DITES PAS ÇA, M'SIEUR ! C'EST PAS VRAI !
LA PREUVE !
POUSSEZ-VOUS, JE VOIS RIEN !
TABLEAU D'ABSENCES
PROFESSEUR
DATE
YES !